



Här Chris BERNARD
Gemengeconseiller

41, rue Jean Waxweiler

L-4783 PETANGE

Referenz : 2025.64975.SECR

Péteng, den 20. Februar 2025

Betreff: Är Froe vum 20. Januar 2025

(Den Dossier gött bearbecht vum Här Moes Pol - Tel. : 50 12 51 – 3081)

Här Chris Bernard,

An Ärem Breif vum 11. Januar 2025, deen der Gemengeverwaltung per Email den 20. Januar 2025 zougestallt gouf, stellt Dir dem Schäfferot folgend Froen :

Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,

Baséierend op enger "Flechenetude" krut Gemeng Péiteng d'Impfaktioun vum Klimawandel am Joer 2024 virgestallt.

No dëser Etude si 37 Punkten an der Gemeng Péiteng am stäerksten vun der Versigelung betraff. De Monitoring vun de Flechten, huet sech primär op d'Lofttemperaturen fokusséiert.

D'Ekologie vun de Flechten ass allerdéngs ganz komplex, ënnerschiddlech anthropogen Aflëss hunn een Impakt op d'Flechtenkulturen.

Deemno sollt net nëmmen den zonale Mikroklima als Beobachtungsparameter genotzt gi, mee och op laang Sicht, eng Verbesserung vun der künstlecher Beliichtung, d'Loftqualitéit, déi duerch Steps, Ofgasen belascht get a Loftzirkulatioun, bestëmmt, Verbesserungen ervirbrenge. Mee ebenfals de urbaner Natur, natierlech ofwiesslungsräich Substrater ubidden. Saisonale ugeplanzte Blummebacken, mat enger iwwerproportionaler Unzuel un Zierplanzen hannerlossen éischter en negativen ekologeschen Ofdrock.

D'Flechenetude (8.07.2024) huet da schlussendlech dozou gefouert, dat eise Buergermeeschter a seng Schäfte e grouse Reamenagementsprojet am Zentrum vu Rodange envisagéieren. Dëst war an enger rezenter Pressematdeelungen vum 9.01.2025 ze liesen.

Problematesch ass allerdéngs d'Wäitsiichtegkeet, vum frësch fäerdeggestalltem Zentrum vu Rodange a senger zukünftiger Emgestaltung.

An deem Zesammenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech lech folgend Froe stellen:

- 1. Ass et richtig dat de Rodanger Zentrum (shared space vu Rodange), den elo soll déifgrënneg vergréngt sollt ginn, am Mee 2021 reicht fäerdeggestallt gouf?*



2. *Wéi vill huet de Projet am Rodanger Zentrum (shared space) schlussendlech der PétengerStéierzueler kascht?*
 3. *Ass Ëmgestaltung vum Rodanger Zentrum duerch d'Observatiounen vun der Flechtenstudie motivéiert, déi Ziel huet, déi zonal Verbesserung vum Mikroklima ze promovéieren?*
 4. *An der Gemengerotsséizung (vum 8.7.2024) krut de Gemengerot de Plan pluriannuel d'investissement virgestallt (bis 2029). Ënnert wéi eng Rubrik géif d'Ëmgestaltung vum Rodanger Zentrum (shared space) finanziert ginn:

a. *Urbanisatioun (mat 2,7 Milliounen €, 0,8% vum Budget global)?*
b. *iwwert d'Ëmwelt (mat 2,66 Milliounen €, 0,8% vum Budget global)?*
c. *war de Projet vun der Ëmgestaltung iwwerhaapt virgesinn an de Finanzen?**
5. *Gëtt d'Ëmweltkommissioun a den Ëmweltberoder vun der Gemeng mat an d'Planung agebonnen?*
 6. *Gi just Umweltverbesserungen viséiert, déi eng Reduzéierung vun der zentraler Temperatur betreffen, oder ginn all potentiell mënschlech Ëmweltafloss optimiséiert (Luuchten, Loftqualitéit, Favoriséierung vun endemesch Beplanzungen, notzen vu Naturbaustoffer,...)?*
 7. *Wéi eng Umweltupassungen kréien déi aner Zonen aus der Flechtenstudie (8.7.2024) an der Gemeng, déi duerch de Monitoring vu de Flechten negativ opfälleg waren? D'Gemengeplaz (Place JFK) an de Rodanger Zentrum ausgeschloss.*

*Mat Respekt,
Chris Bernard
Gemengeconseiller*

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op Är Froen :

Här Bernard,

1. Nee, am September 2020 waren d'Aarbechten offiziell ofgeschloss.
2. D'Käschte fir de "shared space" am Zentrum zu Rodange belafen sech op 6.785.000,00 € TTC.
3. D'Motivatioun fir esou Ëmgestaltungen ze maachen, besteet scho säit längerer Zäit an ass fir de Schäfferot vun intrinsescher Natur. Déi genannten Observatiounen bilden déi wëssenschaftlech Basis.
D'Flechten-Etude huet, wéi et am Titel ze liesen ass, als primäert Ziel d'Loftqualitéit an der Gemeng Pétange ze ënnersichen. Réischt déi rezente Analysen hunn den Afloss vum Klimawandel methodologesch festgehal.
4. Als éischt muss een differenzéieren zwëschen engem Rodanger Zentrum als "shared space", wou och e Mobilitéitsplang abegraff ass an engem Rodanger Zentrum, wou mat nëmme d'Place publique gemengt ass. Dëse Projet beinhalt dat zweet Verständnis.
Wéi schonns am Gemengerot eng ettlech Kéieren erkläert, ass e pluriannuellen Investitiounsplang geduecht fir déi grouss finanziell Spillraum op 5 Joer opzesetzen. Et ass net méiglech an och net virgesinn hei, wéi mat enger Glaskugel, all méigleche Projet am Detail virauszugesinn an ze berechnen.



5. D'Ëmweltkommissioun ass selbstverständlech wëllkomm Ideeën a Bedenke konsultativ anzebréngen, déi dann uschléissend och un de Schäfferot rapportéiert ginn. De Service Environnement steet ausserdeem a konstantem Kontakt mam Naturschutzsyndikat SICONA, inklusiv eisem Ëmweltberoder, fir an alle Beräicher déi beschtméiglech Entscheedunge fir Pétang treffen ze kënnen.
6. D'Prioritéit vun dësem Projet ass sech op natierlech Aart a Weis op d'Follge vum Klimawandel ze preparéieren. D'Gemeng Pétang probéiert mat enger holistescher Approche Léisungen ze fannen, déi fir Mënsch a Natur eng Verbesserung duerstellen.
7. Fir effektiv an zukunfts-wirksam Léisunge géint déi villfälteg Konsequenze vum Klimawandel auszeschaffen, representéiert d'Flechten-Etude nëmmen eng vu ville wëssenschaftlechen Informatiounsquellen, op déi sech d'Gemeng Pétang baséiert fir „gréng a blo“ Infrastrukturprojeten ze realiséieren. Déi wichteg Plazen ze definéieren an déi gëeegent Upassungen auszeschaffen ass eng komplex Aarbecht mat villen Aflosspunkten, wouduerch et net méiglech ass eng einfach Oplëschtung ze maachen, ouni de Risiko anzegoen eng „Milchmädchenrechnung“ ze presentéieren.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär,

De Buergermeeschter,